

# BEWEEGTE STÄMMEN



ZOÉ, 20

Also mer probéiere schonn, eppes ze bewegen, hei op Belval, mengen ech, ass awer net einfach. Et gesäit souguer aus, wéi wann dat alles hei ugeluegt gi wier, fir nëmmen net beweegt ze ginn. Lauter déck Bléck, déi weisen, wat Stabilitéit ass. Zolitte Betong, deen direkt aus de Betongskäpp eraus gegoss gouf, gro Maueren, déi och gro solle bleiwen. Nëmnen net zevill Liewen, soss kéint eppes passéieren ! An tëscht de Bléck den Duerchbruch. Mer liewen all hei am Duerchbruch. Wat sech beweegt, ass de Wand. Et soll waméiglech ongemittlech sinn. Datt déi Studenten net op emol op droleg Iddie kommen. Sech versammelen an domm schwätzen an eppes bewegen. Nee, no der Virlesung gi se séier vun de Wandstéiss heem gebeetscht. Do si se gutt versuergt. Déi Zäit, wou si op d'Strooss gounge, si laang eriwuer. Lo gi si nach just op de Bus. Dat ass eng kloer definéiert Bewegung, déi kee Schued mécht. An da gi si heiansdo vu Sall zu Sall, well dee Sall, an deem de Cours sollt sinn, gëtt gebraucht fir eng Cocktail-Party vun iergendenger Gesellschaft, déi de Betong matfinanzéiert huet. Dee Wee féiert dann duerch eng Zort däischtere Kellergank, eppes wéi e Schutzbunker. Och do kann also näischt passéieren. Wéi gesot, mer probéiere schonn, eppes ze bewegen, awer sou, wéi dat alles ausgesäit, ass et schwéier, ganz schwéier...

Philippe, 17

Dat ass jo e Widdersproch a sech. Engersäits gëtt gesot, déi Jonk missten sech engagéieren, vun hinne géif d'Zukunft ofhänken, nëmme si kéinte wierklech eppes bewegen, a wann et dann drëm geet, hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, mat 16 Joer wielen ze goen, ass kee méi mat. Wéi soll een dat da vläicht verstoen ? Engersäits gëtt d'Wuert 'Demokratiedefizi' héichgeschaukelt, anersäits sollen déi Jonk d'Fangeren ewechloosse vu gesellschaftleche Froen, well se anscheinend nach net räif genuch sinn, fir dat alles ze begräifen. Ee Schratt no vir an zwee no hannen. Dat kenne mer. Looss se lafen, awer net fräi, hal se un der Léngt, da kanns du se jidderzäit zeréckpäifen. Also, op sou hallef Saache päifen ech. Ech sinn am Jugendparlament engagéiert. Op déi Aart a Weis kënne mer eis abrénge, awer och dat ass natierlech net ëmmer einfach. Virun allem, well ech muss feststellen, datt e ganze Koup aner Jonker sech komplett futtieren. Ech géif bal soen, et wier méi schwéier, déi ze iwwerzeegen vum Sënn vun eisem Parlament wéi déi Al. Dat huet natierlech och domat ze dinn, datt d'Bild, dat d' Politik am Allgemengen vu sech selwer gëtt, net grad schéin ass. Kee Wonner, wann dann de Populismus iwwerall lauert...

JEFF, 22

Stop stressing over shitty people ! Mir schaffen un enger App, déi dir hëlleft, Entscheidungen ze treffen. Du brauchst net laang ze iwwerleeën, gëss deng Donnéeen eran, a kriss gläich drop de richtege Virschlag. Spuert Zäit an Energie, also Geld. Also näischt méi mat deem Gedeessëms à la Hamlet, du weess, dat ass deen, deen net méi weess, ob hien um Liewe soll bleiwen oder net, an da ganz Sendunge voll spackt iwwer Liewen an Dout. Kompletten Zäitverloscht. Dat fällt alles ewech mat eiser App. Mir entwéckele ganz nei Techniken – souwäit de Begrëff Technik nach duergeet fir dat ze beschreiwen, wat mer entwéckelen –, déi nei Weeër weise fir de Mënsch a seng Entwécklung. Am Sekonnentakt kriss du deng Entscheidungen ofgeholl. Ëmmer déi richtig. Du kënns méi séier virun a léiers dech besser kennen. Eis App weist dir de Wee. Eis Startup gëtt vum Fong fir d'Fuerschung ënnerstëtzt. D'Bewegung vun der Zukunft läit am Digitalen. Wien eppes aneres behaupt, verkennt d'Realitéit.

